



(Brouhaha général)

Merci dem Här Statsminister. An ech mengen, mir wäre prett, fir elo a grousser Disziplin déi vill Votten zu deene ville Projeten ze entaméieren.

(Brouhaha général)

Mir géifen ufänken. Kollegeinnen a Kollegen, wa vill duerjernee geschwat gëtt, versteet kee méi säin eegent Wuert!

(Interruptions)

► **Une voix.** - Ech si frou, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ma et schéngt, wéi wa jiddweree frou wär.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà! Sou, da géife mer och elo d'Resultat vun eisem Frousinn kontrolléieren.

(Hilarité)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6869

An ech géif d'Ofstëmmung lancéieren iwwert deen éischte Projet, den 6869 betreffend déi kathoulesch Kierch.

De Vott ass eriwwer. Ofstëmmungseresultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

(Brouhaha)

Wann Der erlaabt, géif ech d'Fro iwwert d'Dispens zum Schluss stellen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6870

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem 6870, betreffend déi jiddesch Communautéit. D'Procuratiounen.

De Vott ass ofgeschloss. Datselwecht Resultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6871

A mer géifen zum Projet 6871 iwwergoen, der Konventioun mat der anglikanescher Kierch.

De Vott fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer. Resultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen. Och de Projet 6871 ass ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6872

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6872 betreffend déi orthodox Kierch. An de Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vott ass ofgeschloss. 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6873

De Projet de loi 6873, betreffend déi protestantesch Kierch. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. D'Resultat ass 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6874

Dann de Projet de loi 6874, betreffend déi muselmanesch Communautéit.

(Interruptions)

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer, mat deemselwechte Resultat.

(Brouhaha)

32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen. Domat wären all d'Projete mat deemselwechte Resultat ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Dispense du second vote constitutionnel des projets de loi 6869, 6870, 6871, 6872, 6873, 6874

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Brouhaha général)

Fir d'Projeten alleguer?

(Assentiment)

Merci.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Domat hu mer d'Diskussioun an de Vott zu deene Projete betreffend d'Konventiounen ofgeschloss.

A mir géifen zu eisem nächste Punkt, dem Projet de loi 6475, iwwergoen, deen déi gesetzlech Basis fir d'Schafung vun der Administratioun vum Haut-Commissariat vun der Protection nationale wäert schafen. An d'Wuert huet de Rapporteur vum Projet, den Här Eugène Berger.

7. 6475 - Projet de loi portant création d'un Haut-Commissariat à la Protection nationale et modifiant

a) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire

b) la loi du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe

c) la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel

d) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État

e) la loi modifiée du 25 juin 2009 sur les marchés publics

f) la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Mir hoffen a wënschen eis all, datt mer hei am Land vu groussen Acci-

denter, Terrorattacken, Epidemien oder Naturkatastrophe verschount bleiwen. Mä Lëtzebuerg ass keng Insel, déi virun all Kris oder Ongléck geschützt ass.

A bei deene Krisen, déi kéinte passéieren, sinn der Fantasie leider keng Grenze gesat. Dat kéint goe vun engem Zuchongléck, engem chemischen Accident an engem grousser Wunnengsgebitt, der Staumauer, déi kéint brieche, bis hin zu terroristesche Bommenattacken op der Gare oder soss op éffentleche Plazen. Ech mengen och, kaum auszedenken ass, wa mer de Super-GAU zu Cattenom hätten, wou d'Existenz vun eisem ganze Land op der Kipp géif stoen.

Och wa mer also alleguerten hoffen, intensiv hoffen, datt mer ni eng schro Kris musse konfrontéieren, musse mer awer als Land all Méiglechkeits maachen, fir Krisen ze évitéieren a virbereet ze sinn, wann dat Onméiglecht géif antrieden.

Wéi organiséiere mer a koordinéiere mer konkret d'Preventioun awer och d'Gestioun vu Krisen hei zu Lëtzebuerg? Dat ass den Objet vun deemem Projet de loi.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg en Organ, dat fir Preventioun a Koordinatioun a Krisefäll a fir d'Protection nationale zoustänneg ass an och elo schonn an der Praxis funktionnéiert. Et handelt sech ëm den Haut-Commissariat à la protection nationale. An deem Haut-Commissariat - och nach aner Denominatiounen - gëtt och schonn a verschiddene legalen Texter ernimmt. Ech denken do un Arrêteen oder och u Règlement-grand-ducallen.

Och wann een an den Historique kuckt, da geet eigentlech scho vun 1959 u rieds vun esou engem Haut-Commissariat. 1963 war dat nach méi op de Conflit armé orientéiert. 2001 huet en awer och scho funktionnéiert, ënner anerem am Kontext vun dem sougenannten „Nine-Eleven“. 2003 hate mer eng Vullegripp, wou och bei där Epidemie den Haut-Commissariat eng Rei Aufgaben iwwerholl huet.

Mä deen Haut-Commissariat war eigentlech ni gesetzlech festgeschriwwen ginn an engem Gesetzesprojekt oder an engem Projet de loi. A mat deemem Gesetz hei huele mer dat dann no. Et ass e Gesetz, vun deem eng éischt Versioun am September 2012 an der Chamber déposéiert gi war an ënnert dee mer dann haut de Schlussstréch zéien, respektiv ginn ech dervun aus, datt mer och herno eng grouss Majoritéit hunn, fir dann hei definitiv e legale Kader fir een Haut-Commissariat ze kreéieren. Aus dem Haut-Commissariat gëtt dann eng staatlech Verwaltung. Mir schafen heimadder also dat néidegt Kadergesetz.

Och an deem Gesetz hei wäerte mer preziséieren, wat d'Aufgabe sinn, souwuel bei der Anticipation, bei der Preventioun an herno och bei der Gestioun vu Krisen. An an der Logik och vun der Preventioun respektiv der Gestioun vun de Krise schwätze mer hei am Gesetz och vun deene sougenannten „Infrastructures critiques“.

Ech wëll och direkt soen, datt dee Projet de loi eng liicht aner Nues kritt huet a senger leschter Versioun wéi déi, déi en hat, wéi en déposéiert ginn ass. An där initialer Versioun stoung ënner anerem och, nieft der Kreatioun vum Haut-Commissariat, awer déi ganz Struktur vun der Protection nationale, wou och aner - ech soen emol - Organer derbäi sinn, an déi waren och do virgesinn an deem Text.

An deem Text waren de Conseil supérieur de la protection nationale, eng Cellule de crise an och d'Comités nationaux formell ageschriwwen. De Statsrot hat awer do ganz staark Bedenken. De Statsrot huet insistéiert, datt eigentlech de Grand-Duc respektiv de Minister iwwert de sougenannte Pouvoir réglementaire spontané, dat ass den Artikel 76 vun der Verfassung, kéint dës interministeriell Organer kreéieren, an datt déi net missten an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Mir hu se dann duerfir erëm erausgeholl.

Et kann een an där anerer Säit soen, datt gëtt dann eng gewësse Fräiheet a Souplesse, wann een eventuell dat eent oder anert vun deenen Organer an Zukunft wëllt liicht ëmänneren oder vläicht nach en anert derbäisetzen.

Bon, et muss een awer trotzdem soen, mir si liicht verwonnert gewiescht iwwert déi Remarque respektiv d'Insistance vum Conseil d'État, well mer awer op anere Plazen an de Gesetzter esou Comités interministériels stoen hunn. Mä mir hunn awer gemengt, et wier gutt, wa mer géifen dem Conseil d'État hei folgen.

Mir hunn och an där Logik an der Kommission d'ANSSI erausgeholl, dat ass eigentlech d'Agence nationale de la sécurité des systèmes d'information. Do kann et och sinn, datt eventuell an Zukunft do aus där ANSSI eng eegestänneg Administratioun oder en Établissement public kéint ginn.



Vu datt also all déi Elementer, déi ech elo opgezielt hunn, vun där ganzer Struktur vun der Protection nationale net méi am Projet de loi stinn, wäert ech och net weider dorobber agoen. Et war awer trotzdem interessant, muss ech soen, datt mer se eng Kéier an der Kommissioun genau beschriwwen kruten, erkläert kruten, well een awer net soll vergiessen, datt nieft dem Haut-Commissariat an deem Text natierlech bei enger Gestion de crise all déi aner Organer vun der Protection nationale, d'Cellule de crise an esou weider, och eng wichteg Roll an der Praxis spillen.

Dëse Projet de loi, wat mécht en och? En definiert als Éischt emol eng Kéier an engem Gesetz d'Termen, déi am Kader vun der Protection nationale wichteg sinn. Wat kann iwwerhaupt als Kris qualifizéiert ginn? Wat bedeit d'Gestion de crise? Wat sinn d'kritesch Infrastrukturen am Kader vun der Protection nationale?

An ech wëll och an deem Kontext umierken, datt jo eng Proposition de révision vum Artikel 32.(4) vun eiser Verfassung virläit an de Moment och beim Statsrot läit, fir aviséiert ze ginn. An déi Proposition de révision huet jo als Objet, den État d'urgence och am Kader vun enger nationaler Kris méiglech ze maachen, well dat de Moment nëmmen eigentlech bei enger internationaler Kris méiglech ass. An déi Texter, wann een déi kuckt, ass et wierklech och esou, datt ee sech do inspiréiert huet un der Definition, déi mer hei am Gesetz hunn iwwert d'Kris.

Bon, den Haaptobjekt also vun deem Projet de loi ass d'Kreatioun vun deem Haut-Commissariat mat sengen Attributiounen, mat senge Missiounen, déi sech dann haaptsächlech ëm zwou Achse bewegen.

Éischtens soll den Haut-Commissariat eigentlech anticipéiere respektiv preventiv wirken. An dann, zweetens, wann eben eng Kris kënn oder net ze verhënnere war, soll dann den HCPN dës Kris gëreieren an d'Aktiounen vun deene verschiddenen Administratiounen, Services, Police, Pompjeeën, de Services de secours an alle concernéierten Instanzen - där gëtt et der sécherlech jee no Kris nach anerer - da koordinéieren. Ech mengen, wat och wichteg ass, datt ënner anerem d'Kommunikatioun och soll koordinéiert ginn. Dat heescht, do kënnen och verschidden Instanzen kommuniquéieren: Dat kann d'Police, d'Justiz sinn, dat kënnen aner Administratiounen sinn. Mä dat ass ëmmer awer geduecht, datt do d'Koordinatioun och bei deem Haut-Commissariat läit.

Bon, eng vun den Haaptaufgaben ass et am Endeffekt, wa bis eng Kris do ass, natierlech alles ze maachen, alles an d'Weeër ze leeden, fir datt eigentlech déi Kris och esou schnell wéi méiglech ka beendegt ginn.

Wichteg ass och, datt den Haut-Commissariat ënnert d'Autoritéit vun deem Minister gestallt ass, deen d'Protection nationale ënner sech huet. Ech mengen, dat läit och op der Hand. Den Haut-Commissariat gëtt och de Point de contact oder Lëtzebuergeschen Usprechpartner bei verschiddenen europäeschen oder internationalen Instanzen oder Institutionen.

An ech mengen, et ass jo och wichteg, deen internationalen Aspekt oder déi Kooperatioun ervirzeesträichen, well dat an der Praxis ganz oft jo awer de Fall ass, datt een do, wann een esou Krisen huet - ech denken elo emol net un eng terroristesch Attack -, mä bei Epidemien, bei esou Fäll jo oft dat net op Lëtzebuerg beschränkt ass, mä datt dat vläicht an engem gréisseren Kontext, an Europa oder esou, da passéiert, an datt een do natierlech dann och hei zu Lëtzebuerg eng Ulafstell huet, fir mat deene respektive Stellen am Ausland do kënnen och da sech ofzeschwätze respektiv Aktiounen ze huelen.

Wat fir eng sinn dat, déi konkret Aufgabe bei der Preventioun, bei der Anticipatioun? Ech mengen, dat ass, déi eenzel Situatiounen ze analyséieren, déi kënnen virkommen, an ze kucken: Wéi kann een dann, wann eppes géif passéieren, koordinéieren, organiséieren? Am Konkreten ass dat ganz oft, krute mer an der Kommissioun gesot, datt ee fir eng ganz Rei Situatiounen awer och, ech kommen nach drop, bei kriteschen Infrastrukture Pläng opstellt. Datt een do eigentlech Pläng opstellt, wou een dann herno eng Aart, ech soen emol, Gebrauchsweisung hätt, wéi een da géif virgoen.

Dann, ech hat et elo grad erwänt, e wichtige Volet vum Projet de loi, dat ass och dee mat de sougenannten Infrastructures critiques. Wat ass eng Infrastructure critique? Ech hat virdrun de Stauséi zu Esch/Sauer erwänt. Dat kann awer och eng Pipeline, eng wichteg Pipeline sinn. Dat kann eventuell och hei d'Chamber sinn, well jo hei awer den éischte Pouvoir vum Land ass, dee kéint d'Zilscheif gi vun enger terroristescher Attack.

Mä bon, iwwer e Règlement grand-ducal wäerten alleguerten déi wichteg Infrastrukturen oder déi kritesch Infrastrukturen opgeléscht ginn. An dann ass et och esou, datt natierlech och muss gekuckt ginn: Wat geschitt elo, oder wéi behandle mer déi Infrastructures critiques?

Et ass esou, datt dat kënnen Administratiounen sinn oder Gebaier sinn, déi vun Administratiounen verwalt ginn. Dat kënnen awer och eventuell privat Infrastrukture sinn. Ech denken do zum Beispill un déi ganz SES, déi awer och e gewëssen Intérêt national huet an och zum Beispill kéint attackéiert ginn.

Bon, an der Kommissioun, wëll ech och soen, datt mer do Diskussiounen haten, awéifern eigentlech den HCPN kéint bei private Gremien oder bei private Leit, fir et emol esou ze formuléieren, och Informatiounen nofroen respektiv och deenen eng gewëssen Obligatioun ginn, fir esou Pläng auszuschaffen. Bon, mir hunn do eng Diskussioun gehat a mir haten nach en Amendement gemaach.

Et kann ee keng Injonctioun maachen, mä et ass esou formuléiert, datt awer all déi privat Institutionen eigentlech gefrot ginn, fir all déi néideg Informatiounen ze gi fir e Plan de prévention de crise, respektiv wa bis eng Kris do wier, fir dann déi Informatiounen ze kréien. Et sinn zwar, musse mer och éierlech soen, keng Sanktiounen virgesinn.

Mä mir stellen eis awer an der Praxis vir, wa wierklech eng Kris wier an et bräicht ee ganz wichteg Informatiounen, datt do awer jiddweree sech et géif dräimol iwwerleeën, fir ze refuséieren, déi Informatiounen erauszeginn. Et gëtt eng Ausnam, dat ass, wann et eng Informatioun ass, déi dem Secret d'Instruction ënnerläit, datt een déi net ka froen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wat sinn nach Obligatiounen eigentlech an deem Sënn fir déi Gestionnaire vun Infrastructures critiques? Dat ass eben, ech hunn et scho gesot, datt se Sécherheetspläng sollen auszuschaffen op Recommendationen vum HCPN. Dann ass et och esou, datt an all Infrastructure critique soll e Korrespondent designéiert ginn, deen am Kontakt ass mat dem HCPN, besonnesch eben, wann et da géif zu engem Incident kommen.

An et ass och esou, dat ass och e wichtige Punkt, datt, wann eng Kris wier, wann en Incident wier, och dann ee Member vum HCPN kéint do op d'Plaz goen, fir och matzëhelfen, an esou enger Infrastruktur d'Koordinatioun ze maachen oder mathëllefen ze organiséieren, fir dann d'Kris ze bekämpfen.

Bon, ech mengen, dat hei sinn, géif ech soen, déi wichtigst Elementer, déi hei am Gesetz stinn. Weider Detailer fannt Der dann a mengem schrëftleche Rapport.

Ech géif soen, mat deem Text si mer gutt opgestallt, no der Devise „be prepared“. Mä meng Konklusiounen, Madamm Presidentin, wäertenlech trotzdeem e bësse verwonnen, well ech hoffen als Rapporteur, datt, trotz elo engem legale Kader, den HCPN an Zukunft am beschte keng Aarbecht géif kréien, datt eigentlech d'Gesetz praktesch iwwerfléssig wier, well dat géif ënnert dem Stréch heeschen, datt mer och an Zukunft keng Krisen hätten a se och net misste gëreieren.

Ech soe Merci a géif an engems och den Accord vun der Fraktioun vun der DP hei mat erabringen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Rapporteur Eugène Berger. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV). - Merci, Madamm Presidentin. De Mëtteg steet hei e Projet de loi zum Vott, an den Här Berger huet et och scho gesot, wou ech der Meenung sinn, datt mer alleguer am léifsten hätten, datt mer dëse Projet de loi net misste stëmmen, well mer am léifsten hätten, datt et keng Krisen an Accidenter géife ginn hei zu Lëtzebuerg. Bis elo hate mer jo nach Gléck, datt mer zum Beispill vun Terrorattacke verschount bliwwen sinn, a mir hoffen, datt dat opgrond vun der gudder Aarbecht vun eise SREL, den Autorités judiciaires et policières weider esou wäert bleiwen.

Den Haut-Commissariat à la protection nationale ass keen Ml6 an huet och keng „licence to kill“. Bien au contraire! Wéi et am Exposé des motifs vum Projet de loi heescht: «Le Gouvernement se propose en premier lieu de traduire dans un instrument légal sa volonté d'accentuer le caractère civil de la gestion des crises.»

De Rapporteur ass a sengem schrëftlechen an och mëndleche Rapport op den Historique

vum Haut-Commissariat à la protection nationale agaangen. Ech wëll op dëser Plaz net alles répétéieren. Just dës Remarque: Et ass dach e bëssen erstaunlech, datt den Haut-Commissariat à la protection nationale deemools just duerch e Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 1963 agefouert ginn ass an net duerch e Gesetz.

Dëse Projet de loi ass vum deemolege Statsminister Jean-Claude Juncker 2012 déposéiert ginn. D'Missioun vum Haut-Commissariat à la protection nationale muss een a säi Contexte historique situéieren. Esou ass et och net erstaunlech, datt nom Schluss vum Kale Krich d'Regierung décidéiert hat den 12. November 1993, d'Organer vun der Protection nationale an den Dornröschenschlof ze leeën. Den HCPN ass dann erëm reaktivéiert ginn no den Attacken zu New York 2001.

Zënter 2003 ass d'Regierung regelméisseg awer zesummekomm am Kader vun der Gestoun oder Preventioun vu verschiddenen Krisen. Ech erënnere just hei un déi sougenannte Vullgripp-Epidemie.

Zum Projet de loi. Wéini ass den Haut-Commissariat à la protection nationale kompetent? En ass zoustänneg, éischters fir d'Prévention de crise, zweetens fir d'Mesures d'anticipation vun enger Kris an drëttens fir d'Mesures de gestion de crise.

Den Haut-Commissariat ass och zoustänneg, am Kader vu senge Missiounen, fir d'Protektioun vun den Infrastructures critiques. Dat sinn Infrastrukturen, déi indispensable si fir d'Sauvegarde vun den Intérêts vitaux oder vun de Besoins essentiels vun eise Land oder fir en Deel vun eise Land.

De Propriétaire vun esou enger Infrastruktur muss dem HCPN déi néideg Informatiounen matdeelen, zum Beispill e Plan de sécurité, souwéi eng Kontaktperson, déi de Relais tëschent dem Propriétaire an dem HCPN mécht. Déi prezis Designatioun vun enger Infrastructure critique geschitt duerch e Règlement grand-ducal.

Eng Rei Diskussiounen hate mer an der Kommissioun betreffend d'Pouvoir vum HCPN, wann een exzeptionell Mesuren huele muss. Hei stellt sech d'Fro, wéi bei all Gestion de crise: Wéi wäit kann een déi normal Gesetzer ausser Kraaft setzen? Wéi wäit kann ee goen, wat si Mesures proportionnelles? Hei stinn zwee fundamental Rechter niewenteneen: de Schutz vum Bierger senger Privatsphäre op där enger Säit, op där anerer Säit de Schutz vum Bierger duerch de Stat viru Krisen oder Menacen.

De Statsrot war der Meenung, datt fir dëse Projet de loi ee Cadre normatif d'exception néideg wier. An der aktueller Verfassung besteet dëse Pouvoir exorbitant awer just am Kader vun enger internationaler Kris. De Statsrot huet verlaangt, datt och eng Basis geschafe gëtt, fir esou Mesuren ze huelen am Kader vun enger nationaler Kris. Am Kader vun der Reform vun der aktueller Verfassung hu mer d'Iddi vun enger nationaler Kris mat an den Artikel 47 afléisse gelooss duerch de Baisaz «En cas de (...) ou menaces réelles pour les intérêts vitaux ou les besoins essentiels de tout ou partie du pays ou de la population». Dës Kritären, Madamm Presidentin, sinn och an d'Definitioun vun der Kris an deem Projet de loi mat ageschriwwen ginn.

Mir hunn dës Diskussiounen och besonnesch am Kader vum Artikel 32 Paragraf 3 vun deem Projet de loi gefouert, wou den Haut-Commissaire vun der Protection nationale oder säin Delegéierte ka bei jiddwereen, dee gebonnen ass duerch e Secret professionnel, Informatiounen froen goen.

Am initialen Text ass vun Injonctioun geschwat ginn. Op Drock vun der CSV-Fraktioun ass dëse Saz méi soft gemaach ginn. Den Haut-Commissaire huet just d'Méiglechkeet ze froen, Informatiounen ze kréien, déi duerch de Secret professionnel couvréiert sinn. A wann een d'Informatioun net gëtt, opgrond vu sengem Secret, kann een och net poursuiviéiert ginn, well keng Sanktiounen virgesi sinn. Gëtt een awer d'Informatiounen, steet ausdrécklech am Projet de loi, datt een net bestrooft ka ginn.

Op där anerer Säit ass ervirzeesträichen, datt hei net den Affekt oder den Dokter an éischter Linn viséiert ass, mä d'Entreprises, déi, le cas échéant, géifen hire Secret professionnel opposéieren, wann den Haut-Commissaire zum Beispill misst Informatiounen kréie par rapport zu Substanzen, déi schiedlech sinn, am Kader vun engem Accident, wéi mer dat elo viru Kuerzem bei ArcelorMittal haten, déi Stol geliwwert kritt hunn, wou Iwwereschter vu Bomben dra ware mat geféierleche Substanzen.

Den HCPN däerf dës Informatiounen och just froen, wann d'Kris do ass, oder am Kader vun der Protektioun vun den Infrastructures critiques.

Den HCPN ass eng Verwaltung. Den initiale Projet de loi hat virgesinn, datt den HCPN présidéiert gëtt vum Haut-Commissaire. De Statsrot huet mat Recht drop insistéiert, sous peine d'opposition formelle, datt de Ministre en charge, wann en elo nolauschtert, vun der Protection nationale muss responsabel si vum HCPN an net e Beamten.

Madamm Presidentin, niewent deene feste Beamten, déi fir den HCPN schaffen, kann den HCPN och duerch Personal vum Stat compléiert ginn.

Eng vun de wichtigste Missiounen vum HCPN ass et, eng effikass Kommunikatioun tëschent deene verschiddenen Interventiounsgruppen ze assuréieren, wann eppes geschitt. Et ass scho bal anodin ervirzeesträichen, datt eng effikass Kommunikatioun ka Liewe retten, kann d'Effete vun engem Accident minimiséieren.

Oft genuch héiert een am Ausland, zum Beispill am Kader vun den Attacken zu Bréssel, datt schlecht tëschent deene Responsabele communiquéiert a folglech kooperéiert ginn ass. Dëst ass absolutt ze vermeiden!

Well mir mussen eis eppes bewosst sinn: Trotz SREL, trotz HCPN, trotz Police, trotz Justiz, trotz aneren Organisme kann ee keng honnertprozenteg Sécherheet garantéieren. Geschitt eppes, muss een awer op d'mannst garantéieren, datt eng effikass Kommunikatioun geschitt, fir esou schnell wéi méiglech de befroffene Leit kënnen ze hëllefen. C'est une obligation de résultat!

Zum Schluss, Madamm Presidentin, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Gloden. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen, léif Kollegen, dat Gesetz, wat mer haut hei am Parlament stëmme wäerten, ass geduecht, fir eist Land virun enger Kris, a wann dat net méiglech ass, während enger Kris ze schützen.

An engem klengen Land wéi Lëtzebuerg riskéiert eng Naturkatastroph oder awer en Accident, wéi zum Beispill d'Explosioun vun engem Atomreakter, mä awer och en Attentat, direkt Auswierkungen net just op Deeler, mä awer op eise ganzen Territoire ze hunn! An esou engem Fall mussen déi gefuerdert Ministären, Administratiounen an och Services séier op eng koordinéiert Manéier agraifen, fir nach méi schlëmm Konsequenzen ze verhënneren. Koordinatioun ass an deem Fall vu ganz grousser Bedeutung.

Déi essenziell Roll soll an Zukunft dann den Haut-Commissariat à la protection nationale, kuerz HCPN, iwwerhuelen. Ënnert der Autoritéit vum zoustännegen Minister fir d'Protection nationale huet den HCPN duerno d'Missioun, fir d'Krisen ze gëreieren.

Den HCPN huet awer och a sengen Attributiounen, mir hunn et héieren, d'Preventioun an och d'Anticipatioun vu Krisen. Eng weider wichteg Missioun vum Haut-Commissariat à la protection nationale ass dann awer och de Schutz vun de kriteschen Infrastrukture vum Land. An heimat kritt dee Schutz och eng legal Basis.

Madamm Presidentin, Dir gesitt, wéi wichteg dëse Gesetzestext fir d'Land an och eis Leit ass. Mir hoffen alleguerten, dass mer ni a vollem Mooss brauchen op d'Attributiounen vum HCPN zrëckzegegräifen. Mä mir mussen awer preparéiert sinn!

Et gëtt e Besoin, fir am Beräich vun der nationaler Sécherheet ze légiféréieren. Dat, wéi scho gesot, fir d'Koordinatioun tëschent den nationalen Organer ze verbessern, mä awer och, fir d'Koordinatioun tëschent den Organer op europäeschem Niveau ze garantéieren.

Den Ament huet Lëtzebuerg näämlech keng esou eng zentral Struktur, déi fir d'Koordinatioun mat anere Staten oder internationalen Organisatiounen a Krisefäll zoustänneg ass. Fir seng Missiounen erfëllen ze kënnen, féiere mer eng Rei speziell Dispositiounen zugonschte vum HCPN an. Zum Beispill d'Recht, fir ze réquisitionnéieren oder sécherheetsrelevant Informatiounen ze sammeln an ze traitéieren am Respekt vun de jeeewelege Gesetzer.

D'Gesetz iwwert d'Requisitiounen wärend engem arméierte Konflikt, enger schlëmm internationaler Kris oder enger Katastroph souwéi och d'Gesetz iwwert de Schutz vu privaten



Date gi modifizéiert, fir kloer ze ënnersträichen, dass dës aussergewéinlech Moossnamen nëmmen am Fall vun enger Kris kënnen benotzt ginn, esou wéi am Text iwwert d'Schafe vum HCPN definéiert. Ech kommen awer nach méi am Detail op dës speziell Mesuren zrëck.

D'Fro ass awer och: Wéi ass d'Kris am Gesetzestext eigentlech definéiert? «Tout événement qui, par sa nature ou ses effets, porte préjudice aux intérêts vitaux ou aux besoins essentiels de tout ou partie du pays ou de la population, qui requiert des décisions urgentes et qui exige une coordination au niveau national des actions du Gouvernement, des administrations, des services et organismes relevant des pouvoirs publics, et, si besoin en est, également au niveau international.»

Madamm Presidentin, a sengem éischten Avis zu dësem Gesetzestext hat de Statsrot recommandéiert, Annerungen an der Verfassung virzehuelen, fir der Regierung aussergewéinlech Pouvoiren ze ginn am Fall vun enger nationaler Kris, äänlech wéi den Artikel 32.(4) dat jo mécht, wann et ëm eng international Kris geet. Den LSAP-Deputéierten Alex Bodry huet an deem Kontext eng Proposition de loi age-recht. An d'Institutionskommission vum Ament op den Avis vum Statsrot, fir mat hiren Aarbechte kënnen weiderzefueren.

Dëse Gesetzestext ass natierlech och an deem méi breede Kontext ze kucken. An där Proposition hu mer drop opgepasst, fir der Regierung net einfach am Fall vun enger Kris e Blanc-seing ze ginn. Fir ze verhënneren, dass eng Regierung Abuse mat deenen aussergewéinleche Pouvoiren dreift, hu mer eng Rei Garde-fouen agebaut, ënner anerem d'Kontroll vum Parlament an och d'Limitation an der Zäit vun dëse Pouvoiren.

Et gouf an deem Kontext eng Rei Kriticken an der Zivilgesellschaft, dass dës Pouvoiren nach méi streng missten encadréiert ginn. Mir sinn och absolutt bereet, dat ze maachen. Mir mussen eis awer och bewusst sinn, an d'Diskussionen halt hunn dat och ënnerstrach, dass een net all Katastroph oder kriminell Dot ka virgesinn. D'Regierung muss also och e gewësene Spillraum hunn, fir am Eeschtfall intervenéieren ze kënnen, dat ënnert der direkter Kontroll vum Parlament an de Gerichter, fir méiglech Mëssbräich auszuschléissen.

An deem Gesetz hei geet et net ëm déi aussergewéinlech Pouvoiren, iwwert déi am Kader vun den Aarbechten am Artikel 32.(4) vun der Verfassung rieds geet. An dësem Gesetz regelt mir just, wéi den Haut-Commissariat à la protection nationale déi aktuell Gesetzer kann asetzen, fir eng Kris ze prévenéieren, ze anticipéieren respektiv ze géréieren.

Ausnam zum allgemenge gesetzleche Kader ass d'Aféierung an dësem Gesetz vun der Méiglechkeet fir den HCPN, och Informatiounen froen ze kënnen, déi ënnert de Secret professionnel oder awer de Secret protégé pour une clause contractuelle falen; awer nëmmen ënnert der Kondition, dass déi Informatiounen noutwendeg sinn, fir dass den HCPN seng Mission erfëlle kann.

Am Fall vun enger Kris oder der Imminenz vun enger Kris kritt de Regierungsrat d'Méiglechkeet, fir Requisitionen ze decidéieren, an dat, wéi scho gesot, am besteende gesetzleche Kader. Den Haut-Commissariat à la protection nationale kann da perséinlech Daten am Kader vu senger Missioun verschaffen, muss dofir awer och d'Autorisation vum der nationaler Datschutzkommission, der CNPD, am Virus kréien.

Madamm Presidentin, ech widderhuelen hei zum Deel Saachen, op déi d'Riedner vu virdu schonn agaange sinn, mä et ass eis als LSAP och ganz wichteg ze ënnersträichen an och kloerzestellen, dass mir hei net en neit Organ mat exorbitante Pouvoiren an d'Liewe ruffen. Dat ass ganz evidenteweis net de Fall. De Proportionalitéitsprinzip, dee gëtt hei voll a ganz respektéiert.

Den HCPN kann also nëmmen op dës dach intrusiv Moossnamen zrëckgräifen, esou wäit dës absolutt noutwendeg sinn, fir d'Sécherheet vun de Leit an dem Land och ze garantéieren. Et ass eis als LSAP och wichteg ze ënnersträichen, dass d'Responsabilitéit iwwert den HCPN bei engem zoustännege Minister läit. En agéiert also ënnert dësem Minister senger Autoritéit.

Ier ech elo op de Schutz vun de kriteschen Infrastrukturen, eng weider Missioun vum HCPN, ze schwätze kommen, wëll ech awer nach eng Kéier drop insistéieren, dass den Haut-Commissariat déi néideg finanziell an och mënschlech Ressourcen zur Verfügung gestallt kritt, fir déi

komplex Aarbechten, iwwert déi hei rieds geet, kënnen ze maachen. Dat ass eng Kondition sine qua non, fir dass dëst Organ och uerdentlech fonctionnéiere kann a senger Missiounen ka gerecht ginn.

Madamm Presidentin, ech kommen dann elo zum Schluss bei de Schutz vun de kriteschen Infrastrukturen. Ech mengen, ech brauch net méi allze vill drop anzegoen. Meng Virgänger hunn dat Wichtegst scho gesot, dofir just nach e puer Remarquen. Et ass fir jiddwereen, mengen ech, evident, dass am Fall vun enger Kris virun allem strategesch ganz wichteg Infrastrukturen musse geschützt ginn, sief dat awer elo öffentlecher oder privater.

Bei den öffentlechen Infrastrukturen ass et relativ einfach, de jeeweilegen Infrastrukture Virschreften ze maachen an deem Sënn. Méi komplizéiert gëtt et eigentlech bei privaten Infrastrukturen, wou de Stat net Propriétaire ass. Hei gëllt et, en Équilibre ze fannen tëschent deem sougenannte Gemeinwohl an och dem Droit à la propriété, esou wéi et an eiser Verfassung verankert ass.

Esou Infrastrukturen musse virun allem emol identifizéiert an och enregistriert ginn. Dofir mussen déi Betreffen dem HCPN och eng Rei Informatiounen liwweren, wann dëse se da freet. Den HCPN kann dem Propriétaire vun der Infrastruktur doropshin eng Rei Recommandatiounen maachen, fir seng Infrastruktur esou beschuens ze schützen.

Weider muss déi Infrastruktur e sougenannte Sécherheetsplang ausschaffen, fir d'Kontinuitéit vun den Aktivitéiten och kënnen ze garantéieren. An de Propriétaire muss och e Responsabelen designéieren, deen als Kontaktperson disponibel ass fir den HCPN.

Och am Sënn vun der Proportionalitéit ass e Propriétaire nëmmen da forcéiert, fir den Accès op säi Site ze garantéieren, wann et sech ëm en extremen Noutfall handelt, an e muss awer och dorüwver informéiert ginn.

Domat, Madamm Presidentin, hätt ech dat Wichtegst zu dësem Gesetz gesot, ouni awer ze vergiessen, fir dem Rapporteur, dem Eugène Berger, e ganz häerzleche Merci auszudecke fir säi schréfflechen an och säi mëndleche Rapport, an ouni awer och ze vergiessen, dass ech heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun wëllt ginn.

An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Hemmen. Als nächste Riedner hunn ech den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin. Et ass net ëmmer einfach, fir als Véierten iwwer e Projet de loi ze schwätzen. Et ass besonnesch schwier, wa schonn dräi Leit virdru ganz kompetent iwwer eng schwier Matière geschwat hunn.

(*Interruptions par M. Alex Bodry et M. Fernand Kartheiser*)

Jo, Här Kartheiser, Dir sidd nach e bësse méi schlecht drun. Dat ass och richtig, jo.

Dee Projet de loi hei, deen ass jo schonn den 3.9.2012, also ënnert der viregter Regierung déposéiert ginn. An deen huet och dunn nach e bësse méi bescheide just geheescht „Projet de loi relative à la protection nationale“. Ech weess net, ob et schonn erwänt ginn ass, mä deemools war - et huet mech gefreet, wéi ech dat nach eng Kéier gelies hunn - d'Madamm Christine Doerner Rapportrice.

(*Interruption*)

Den Text ass dräimol amendéiert ginn: zweemol vun der Regierung an eng Kéier vun der Chamberskommission. Den Intitulé huet changéiert, an den Här Berger ass neie Rapporteur ginn.

Déi Amendementer ware praktesch ausschliesslech eng Reaktioun op déi successiv Rapporte vum Conseil d'Etat.

Den Haut-Commissariat à la protection nationale ass et schonn ëmmer ginn. Erstaunlech, dat ass och scho gesot ginn, ass, dass et eigentlech keng gesetzlech Basis fir dee Projet ginn ass. Den Historique vun der Protection nationale a vum Haut-Commissariat à la protection nationale geet zrëck op den Arrêté grand-ducal vum 31.12.1959. Dësen Arrêté, dee gouf duerch de Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 1963 ersat. An dat ass och nach bis haut déi reglementaresch Basis vun der Protection nationale.

Eng ganz Rei Comités mixtes si gegrënnt ginn. Mixtes, well se sech zum Deel aus Militär an zum Deel aus Zivilisten zesummesetzen hunn. An den 12. November 1993, nom Kale Krich, och dat ass scho gesot ginn, hat den deemo-

lege Conseil de Gouvernement d'Organer vun der Protection nationale op Ais geluecht. Wat mussen dat Zäite gewiescht sinn! De Bedroungsfacteur muss den deemolege Responsabelen zimlech kleng erschéngt sinn.

Als Suiten op déi terroristesch Attacke vum...

(*Interruption et hilarité*)

...11. September 2001 - dat ass zwar elo kee Moment, fir ze laachen -, do war et dann erivwer mat deem schéinen...

(*Interruption*)

...Heile-Welt-Bild. Ech kucken op Är Säit, Här Kartheiser. Da fält et mer méi licht.

(*Brouhaha*)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Dir Dammen an Dir Hären, kommt, maacht nach e klengen Effort!

► **Une voix**.- Dat hei ass net seriö.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Adam, wann Der wëllt, fuert virun.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Als Suiten op déi terroristesch Attacke vum 11. September 2001, ënner anerem op d'Zwillingstierm vum World Trade Center zu New York, huet déi deemoleg Regierung am Dezember 2001 decidéiert, all Mesurë vun der Protection nationale ze reaktivéieren an auszeweiden.

Mam Projet de loi 6475 kritt den HCPN eng legal Basis. Preventioun, Anticipioun, Gestiou sinn déi grouss Linne vum HCPN senger Missionen. An et ass scho gesot ginn: Eng gutt Gestiou ka Liewe retten.

De Projet de loi organiséiert och d'Protektioun vun de kriteschen Infrastrukturen. An den HCPN ass den nationale Point de contact fir Lëtzebuerg fir aner europäesch international Institutionen an Organisatiounen, déi am Krisfall mussen zesummeschaffen.

Mir haten och an der Kommissionssetzung vum 8. Juni eng Rei Dossieren opgezielt kritt, wou den Haut-Commissariat à la protection nationale aktiv ginn ass. Ech deele leider net dem Optimismus vu menge Kolleegen, dem Här Berger an dem Här Gloden, déi gemengt hunn: Hoffentlech brauche mer et ni!

(*M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.*)

Mir brauchen en elo schonn. Mir hunn en oft gebraucht. Mir hoffen, dass et net zu wirklech nach méi grave Krise kënn. Et sinn och Beispiller opgezielt ginn. D'Dossieren, déi vum Haut-Commissariat à la protection nationale géréiert gi sinn, waren zum Beispill: Vullegripp, Schwéngs-gripp 2009. Och Actes de piraterie maritime sinn där Dossiere gewiescht, Cyberattacken, a schlussendlech och nach 2014-2016 d'Koordinatioun an d'Planifikatioun, fir eng Äntwert op d'Ebolakris ze fannen.

D'Beispiller weisen och, dass de militäreschen Aspekt net deen eenzegen ass, wat d'Dossiere vum HCPN betrëfft. De militäreschen Aspekt rutscht souguer éischer an den Hannergrond an déi zivill Aspekter vun der Gestion de crise ginn accentuéiert. Den Haut-Commissariat ass dann och net méi e retraitéierte Chef d'état-major, mä e gëtt op Proposition vum Membre du Gouvernement ayant dans ses attributions la protection nationale nomméiert.

Iwwerschneidunge mat der Constitutionsreform, wat den Etat d'urgence ugeet, och do hat d'Madamm Hemmen schonn drop higewisen: D'Kris, déi am Artikel 2 vun dësem Gesetz definéiert ass, ass méi vast wéi den Etat d'urgence. Et ka sech niewent politeschen, terroristeschen oder militäreschen Zeenarien och ëm Pandemien handelen, Naturkatastrophen, industriell Accidenter an esou weider.

De Statsrot hat a sengem éischten Avis drop higewisen, dass et gutt wier, wann et eng äänlech Léisung am Fall vun enger nationaler Kris géif ginn, wéi et am Artikel 32.(4) vun der Constitution am Fall fir international Krise virgesinn ass, an dass et wichteg wier, wann e Regierungsmember d'Cellule de crise géif presidéieren. Dat hu mer dann och festgehalten.

An et ass och gesot ginn: Den honorabele Président vun der Institutionskommission, den Här Bodry, huet eng Proposition de révision de la Constitution vum Artikel 32.(4) agereecht. Mengen Informatiounen no ass och den Avis vum Statsrot imminent. Dee soll nach virun der Sommervakanz virleien. D'Resultat vun der Constitutionsreform huet also och en Impakt dorobber, wéi gutt den HCPN seng Aarbecht wäert kënnen maachen.

De Statsrot huet zu Recht drop higewisen, dass et ëmmer delikat ass, wann et ëm d'Sammelen an d'Weidgeri vu geheimen Informatiounen geet. Dat ass a bleift ëmmer ee Spagat, wann et ëm Sécherheet geet. Engersäits musse mer déi perséinlech Fräiheeten - an de Schutz vun de perséinlechen Daten gehéiert onweigerlech

dozou - schützen. Si gehéieren zu de Mënsche-rechter. Anerersäits muss den HCPN och kënnen a Krisensituatiounen effikass schaffen. An och Preventioun an Anticipioun gehéieren zu senger Missiounen.

Déi Formulatioun, wéi de Statsrot se proposéiert huet a wou och d'CSV Drock gemaach huet an d'LSAP derfir war an déi gréng derfir waren a jiddwereen derfir war, déi Formulatioun, déi mer dann och am fäerdegen Text iwwerholl hunn, schéngt eis e gangbare Kompromëss ze sinn.

An duerfir bréngen ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem häerzleche Merci un den Här Berger fir e ganz komplette Rapport. Ech mengen, et wor wirklech interessant, em nozelauschteren.

Et ass positiv, dass mer endlech e Gesetz iwwert den Haut-Commissariat kréien, nodeem mer laang nëmme reglementaresch Basen haten. Aus deem Grond stëmmt d'ADR d'Gesetz och mat, mä et muss een awer och derbäisoen: Mir stëmme et mat ouni Begeeschterung, well et ass u sech e schwaaht Gesetz an enger wichtiger Matière.

Zënter Jorzéngten hätte mer eben esou e Gesetz gebraucht. An et ass en Zeechen, dass déi Regierungen, déi bis elo do waren, net ëmmer där nationaler Sécherheet déi Prioritéit ginn hunn, déi se verdéngt hätt, soss hätte mer scho laang en effikast Gesetz.

Et ass och, mengen ech, symptomatesch fir eng mangelhaft Sécherheetskultur, dass nom Enn vum Kale Krich déi Servicer vum HCPN, déi existéiert hunn, en veilleuse gesat gi sinn, well et si jo ëmmer erëm méiglech Krisen a Situatiounen, déi en Agräifen néideg maachen, eng Planung néideg maachen, déi sech kënnen presentéieren, sief et zu Kettenuewen, sief et op iergendenger anerer Plaz, gesondheetlech oder anescht, soudatt et net seriö ass, esou Strukturen net déi néideg politesch Ënerstëtzung ze ginn.

Haut schafe mer eng Struktur, wat positiv ass, mä eng Struktur, där mer weder déi néideg Moyene ginn nach - hu mir den Androck - déi mer mat deem néidege politesche Wëllen ënerstëtzen. Et huet eng Rei vu Schwaachpunkten, dëst Gesetz. Et huet de Mérite ze existéieren, mä, wéi gesot, et huet eng Rei vu Schwaachpunkten: Et gëtt keen Organigramm, et gëtt keng minimal Personalstäerken. D'Zesummenaarbecht mat wichtige Akteuren am Sécherheetsberäich, wéi der Arméi, dem SREL, sinn net regléiert.

D'Dossiere vun nationaler Sécherheet. Hei ass zum Beispill och geschwat ginn, dass Informatiounen kënnen gefrot ginn, wat néideg ass a wat richtig ass, mä d'Justiz ass och ausgeholl. Et kann ee sech awer bal net virstellen, dass hei de Secret d'Instruction kann invoquéiert ginn am Kader vun enger nationaler Kris - mir schwätzen hei vu Katastrophen, vun Noutfäll; mir musse wëssen, iwwer wat mer schwätzen -, an da wär en Untersuchungsrichter do, deen zum Beispill Informatiounen iwwer e geplangten Terrorakt huet am Kader vun enger Instruktioun an deen dann awer dat Recht huet, dem HCPN oder anere Sécherheetsorganer déi Informatiounen an esou enger Situatioun virzënthalen.

Hei muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Rédacteurs vun dësem Text realistesch genuch un esou eng Situatioun erugaange sinn, well soss kéinte mer esou Ausname jo bal net envisagéieren. Hei misst eng Obligatioun fir d'Justiz sinn, wéi se bei anere besteet, dass, wa mer wirklech mat engem Katastrophfall konfrontéiert sinn, mer dann awer och déi Informatiounen deelen a benotzen, déi mer hunn als Stat.

Et wär och néideg gewiescht, an do hätte mer eis kënnen um gudden Beispill vun anere Staten inspiréieren, vun der Schwäiz, vu Schweden, fir dem HCPN am Virfeld d'Méiglechkeet ze ginn, Rotschléi ze gi beim Bau vu kriteschen Infrastrukturen, bei den öffentlechen Ausschreiwungen, bei de Prozeduren, bei Bauerlabnissen, Baugeneemegungen, fir do seng Suggestiounen ze maachen, fir schonn am Virfeld, an dofir och dacks méi bëleg, wéi wann et herno muss gemaach ginn, Rotschléi ze ginn, wéi eng kritesch Infrastruktur am beschten ze sécheren ass. An anere Länner gëtt et gemaach. Firwat hei net?

Hei ass souguer eppes anescht gemaach ginn. Hei gëtt souguer un der Definition vun de kriteschen Infrastruktur gefréckelt, fir der eigentlech méiglechst mann mussen ze schützen. Am



éischte Projet de loi ass jo gesot ginn, an och d'Chambre des Salariés hat dat kritiséiert, datt eng ganz Rei vun u sech kriteschen Infrastrukturen net sollen als kritesch Infrastrukture bezeechent ginn, fir Käschten ze spueren.

Dat ass natierlech e Wee, wou ee sech ka froen... Do sinn derbäi Flughafeninstallatiounen, Pylonen, Waasserquellen an esou weider, wou dann awer souguer d'Chambre des Salariés seet: „Mir müssen der nationaler Sécherheet eng absolutt Prioritéit ginn.“ Also, ech mengen, wa mer schonn e Gesetz hei maachen, fir iwwer Katastrophen ze schwätzen, wéi iwwer Noutschutz, da wier awer och, soe mer emol, en integralen éierlechen Émgang mat dem Begrëff vun der kritescher Infrastruktur ubruecht gewiescht.

Et ass och esou, datt mer oppe Froen hunn. Den Här Berger hat a sengem Rapport gesot, datt mer nach net wëssen, wat elo kënnt mat enger Agence nationale de la sécurité de systèmes d'information. Et ass awer essenziell, datt mer och am Krisefall Kommunikatiounsmeiglechkeeten am Land behalen, datt déi Systemer fonctionnéieren, datt mer den Internet hunn an aner Kommunikatiounsmeiglechkeeten, datt déi geséichert sinn.

Haut wësse mer net: Kënnt esou eng Agence? Vläch kann den Här Statsminister eis et soen. Wéini kënnt et? Wéi eng Kompetenzen, an ënner wéi enger Rechtsform? Alles dat an engem zentrale Beräich fir eis Économie an iwwerhaupt fir eist Liewen als Gesellschaft, näamlech am Beräich vun de Kommunikatiounen, wësse mer haut nach net, wou et higee.

Datt de private Secteur muss enk agebonne sinn, ass an eisen Aen och eng Selbstverständlechkeet, well eng ganz Rei vun deene relevanten Infrastrukture sinn nun eemol a privater Hand an net a staatlecher Hand. Dofir ass den Dialog mam private Secteur vun essenzieller Wichtigkeet.

An et hätt ee wierklech och kënne méi wäit goen. Wann den HCPN Recommandatioune mécht, am staatlechen Interessi, am Interessi vun der ganzer Gesellschaft, dann hätt een och kënne denken, fir ze soen: Kann de Stat dann net iwwer Garantien oder iwwer aner finanziell Mëtelen och derzou bäidroen, datt Infrastrukturen, déi a privater Hand sinn, esou ausgebaut ginn, datt hir Sécherheet am Interessi vun der ganzer Gesellschaft besser kann assuréiert ginn? Hei ass also d'Zusammenarbeit mam private Secteur, souwuel wat den Dialog ugeet wéi och déi finanziell Ennerstëtzung, verbesserungswürdeg.

D'Kompetenze vum HCPN sinn e puermol ugeschwat ginn a sinn hei ugeschwat ginn an engem Sënn: Eigentlech, mir ginn dem HCPN gewësse Kompetenzen, fir Informatiounen ze froen, awer mir dierfen ëm Gottes wëllen net ze wäit goen. A mir schwätzen, wéi gesot, vu Katastrophefäll. Et ass souguer esou gewiescht, datt eng Diskussioun war mam Statsrot, wou da gesot gëtt: „Jo, si kënne awer net, wa se müssen an eng Infrastruktur kucke goen an engem Katastrophefall oder just virdrun, fir ze kucken, a wéi engem Zoustand déi Saache sinn, déi Leit dierfen awer op kee Fall déi exorbitant“ - esou gouf gesot - „Pouvoir vun engem Officier de police judiciaire kréien.“

Och do muss ee vergläichen: Wat maache mer dann an anere Beräicher? Am Dezember 2014 huet dës Regierung eis e Gesetz proposéiert, wat och gestëmmt ginn ass, zum Beispill iwwert d'Produits phytopharmaceutiques. Do kann ee soen, dat ass vläch manner wichteg wéi déi grouss Katastrophen, iwwert déi mer hei schwätzen, mä do ass et engem Beamte vun der Administration de la gestion de l'eau, vun der Émweltverwaltung an esou weider, méiglech: «Ils peuvent pénétrer de jour et de nuit, lorsqu'il existe des indices graves» an esou weider. Da kënne se «de jour et de nuit dans les locaux, installations» an esou weider, bei relativ - am Verglach zu deem, iwwert dat mer hei schwätzen - Klenggekeen eragoen. Geet et awer ëm eng national Katastroph, ass dat net méiglech!

Och do stellt sech d'Fro, ob mer d'Proportionalitéit, vun där hei esou vill geschwat gëtt, de Principe de proportionnalité da respektéieren, ob mer net a méi kleng Situatiounen de Leit enorm Pouvoir ginn. An hei an zentrale Krisefäll a Katastrophefäll, well dovunner schwätze mer, hunn déi Leit emol net de Pouvoir vun engem Officier de police judiciaire, fir kënne verschidde Kontrollen ze maachen.

Da sinn déi Prozeduren och schwach. Déi verschidden Infrastrukture müssen den HCPN informéieren, ze se en Defizit constatéieren. Mä et wär dach besser gewiescht, eng normal Informationsroutine do eranzebréngen, déi och da kontrollabel wär, datt zum Beispill e järeleche Rapport misst gemaach ginn, an net nëmmen eng Persoun, déi als Usprechpartner gëllt.

Alles dat ass um schwächstméiglechen Niveau gehalen. Gutt, et huet de Mérite, datt mer elo emol eppes hunn. Dofir stëmme mer et och mat. Mä dat ganz Gesetz ass esou schwach, datt et muss spéider nogebessert ginn, wa mer em wierklech och wëllen eng Effikassitéit ginn.

Dann ass de Rôle vun der Regierung och eng Reflexioun wäert. Mir haten hei viru Kuerzem d'Diskussioun iwwert d'Gesetz vum SREL, vum Geheimdéngscht. Do ass e Comité ministériel. Do sinn dräi Ministeren, déi dës Prozedur oder déi Prozedur müssen autoriséieren. Bis an den Detail era muss se Protokoller kucken an alles regelen. Do geet et drëm, Verantwortung ënner Ministeren ze verdeelen, well ee jo net derlaanscht kënnt, awer ee Minister weinstens als responsabel ze tituléieren. An hei wor emol kee Minister virgesinn, fir eng Cellule de crise ze géréieren! Dat sollt vun engem Beamte gemaach ginn. An et ass de Statsrot, dee gesot huet, datt e Minister et muss maachen.

Et huet een den Androck: Beim SREL soll d'Verantwortung esou breet wéi méiglech verdeelt ginn, fir datt de Statsminister net selwer muss d'Verantwortung droen, an hei, wann et ëm eng Kris geet, dann ass op eemol kee Minister méi do, an et ass de Statsrot, dee seet: „Et muss awer weinstens emol e Minister déi Cellule de crise do leeden.“ Also, mir hunn den Androck, wa mer dat eent an dat anert vergläichen, datt e Reflex an dëser Regierung besteet, fir sech virun der Verantwortung a Krisenzäiten ze drécken!

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dann ass de politesche Wëlle jo och net do, elo schonn, wann et drëm geet, déi essenziell Interesse vum Land ze schützen, zum Beispill wann et ëm den Approvisionnement vum Land a Pétrolsproduite geet. Eng Saach, déi mer säit Jore vernoléisseg.

Mir haten eng Question parlementaire am Januar 2016 gestallt, fir emol ze froen: Wou ass dann déi Agence de stockage vu Pétrolsproduiten drun, déi sollt geschaaft ginn? Wou sinn dann déi Tanklager, déi eis solle garantéieren... Mir hate jo och scho virun e puer Joer an engem Wanter bal déi Situatioun, datt mer dréche louchen als Land. Huet d'Regierung dann an der Tëschenzäit weinstens an engem Beräich, deen elo normal ass, wou mer EU-NATO-Obligatiounen hunn, fir eis gewësse Reserven ze ginn...

Hei am Land, wou sinn dann déi Infrastrukture geschafte ginn, nodeem jorelaang de Problem bekannt ass, nodeem jorelaang schonn institutionell an op anere Pläng geschwat gëtt, fir datt mer Tanklagere kréien, datt mer Reserven hei am Land hunn? D'Antwort schéngt neen ze sinn. Op jidde Fall hu mir nach néierens Tanke gesinn. An et ass um Statsminister, fir eis haut ze soen, ob d'Regierung da weinstens an deem dote Beräich bis elo déi Moossname geholl huet, déi eis garantéieren, datt mer déi am Fall vu Problemer vun Approvisionnement awer kënne garantéieren.

Ma, Här Statsminister, Dir hutt jo gläich d'Wuert no mir, da kënnt Der dem Land dann erklären, wou déi Pétrolsreserve leien, déi mer müssen hunn. A sot eis wann ech gelift net „an der Belsch“, well wann e Krisefall ass, da muss ee se jo och nach hei an d'Land kréien!

Dat alles gesot, soe mir als ADR: Jo, mir stëmmen dat Gesetz mat. Et ass gutt,...

(**Interruption**)

...datt mer e Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale hunn. Mir soen awer gläichzäiteg: Dëst Gesetz ass ze schwach! A mir hunn deen dréngende Verdacht, datt hei wéi an anere Beräicher dës Regierung hir Verantwortung net kann droen, datt se et entweder net wëllt oder net kann.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **Une voix.**- Souguer den Här Reding ass net iwwerzeegt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- De leschte Riedner fir deen heite Projet ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Nodeem mer elo schonn e puermol d'ganz Geschicht vum Haut-Commissariat à la protection nationale in extenso héieren hunn, wëllt ech...

(**Interruption**)

Dat wäert ech och net maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift! Just den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Dat wier zu dësem Zäitpunkt eng Umoossung.

Wat fir eis wichteg an deem Ganzen ass, dat ass, datt mer hei e Gesetz hunn, wat d'Prévention an d'Gestioun vu Krise regelt a wat eng Definitiou vun der Kris gëtt, näamlech all Evénement «qui par sa nature ou ses effets, porte préjudice aux intérêts vitaux ou aux besoins essentiels de tout ou partie du pays ou de la population».

Dat ass dat, wat mer virun e puer Wochen, «tout ou partie de la population», gesinn haten, wéi den HCPN och zu Déifferdeng intervenéiert ass, wou et glécklecherweis sech eragestallt huet, datt näischt war. Am schlëmmste Fall, wann do eppes gewiescht wier, da wier den HCPN do gewiescht, fir déi Kris ze géréieren. E kritt heimadder eng legal Basis.

Do, wou mir awer ganz kritesch an net dermat d'accord sinn, ass, datt deesewechten Text soll dee sinn, deen den État d'urgence an der Verfassung definéiert. Deen État d'urgence, deen dann der Regierung plein Pouvoir gëtt, op jidde Fall zäitlech begrenzt plein Pouvoir, dee Gesetzter kann ausser Kraaft setzen. Mir mengen, datt grad dat Beispill Déifferdeng, och wann et méi grouss oder méi schlëmm gewiescht wier, bewisen hätt, datt mer déi néideg Moyenen hunn an de Gesetzter an datt mer duerfir keen Ausnamezoustandsregime op jidde Fall op Basis vun esou enger Definitiou brauchen.

Dëst gesot, Här President, menge mer, datt dat heite Gesetz eng Verstärkung an e weidert Argument vun deem ass, datt mer kënne op legal Basis och Krise géréieren a Krise managen an datt mer net en Ausnamezoustand brauchen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An zum Ofschloss vun der Diskussioun huet den Här Premier- a Statsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur an den Orateurs Merci soen.

Säit méi wéi 50 Joer ass et zu kenger Reform vum HCPN komm. Dat wor 1963, wou et komm ass. An ech mengen, d'Realitéiten an d'Besoin vun deemools an déi vun haut si wierklech net déiselwecht, an et wor héich Zäit, dass mer deen Text haut stëmmen.

Et war am Ufank éischer eng Koordinatiouns- a Krisegestiounsroll. Am Fall notament vum Conflit armé si mer haut an enger ganz anerer Situatioun. A virun allem net nëmmen a Krisegestioun, mä och Krisepreventioun. An d'Protektioun och vun de kriteschen Infrastrukture gëtt hei wierklech ofgedeckt.

Ech wëll dem Här Reimen - ech weess, et zitëiert een normalerweis keng Beamten, mä - wierklech Merci soe fir déi Aarbecht, déi e mécht, well en huet eng kleng Équipe. A wann ech kucken, wat se gemaach hunn an deene leschte Méint, also säitdeem ech op d'mannst Chef vun dëser Regierung sinn, déi Pläng, déi se alleguerten ausgeschafft hunn, a wann ee kuckt, wat alles haut vu Pläng do ass - Pandemie, Piraterie maritime, Blackout, Cattenom, Cyber, Intempéries, déi national Planifikatioun bei Ebola an och d'Hëllef bei de Strukture fir d'Refugiéien -, gesäit een, wéi eng Aarbecht awer gemaach ginn ass vun deem kleng Service. A wierklech do all de Respekt!

Et ass e Koordinatiounsorgan, deen interministeriell ass. Duerfir ass en och ënnert dem Premierminister. Hei gëtt gesot, et wieren Dérobade vu Responsabilitéit. Dat ass wierklech net de Fall. Et ass ënnert der Responsabilitéit vum Premierminister. Ech hunn eng permanent Consultatioun och mam Här Reimen. An wann Décisiounen ze huele sinn, huelen ech se a keen aneren!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- En anere Punkt, deen och nach wichteg ass, Här President, just fir...

(**Brouhaha**)

Ech hunn d'Gefill, ech hätt verschidde Leit hei op der lénker Bänk erwächt, mä...

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Awer just, soulaang Der Premierminister sidd. Et ass de Premierminister, dee se huet.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Wéi gesot hei: D'Responsabilitéite si kloer.

Hei sinn och e puer Froe gestallt ginn. Hei gëtt gesot: „Et ass keng Diskussioun tëschent HCPN a Bâtiments publics.“ Wou steet dat, dass keng Consultatioun ass? Selbstverständlech steet den HCPN zur Verfügung, fir mat de Bâtimentspubliken zesummenzeschaffe bei Mindeststandarden, déi bei Gebailechkeete sinn.

A wou steet, dass hei mat privaten Akteuren net kann diskutéiert ginn? Et ass jo näamlech e

politeschen öffentlechen Akt vun engem Règlement grand-ducal, deen dann och déi Infrastrukturen, déi kriddelech sinn, zrëckbehält. An dat heescht, dass déi dann duerno och virdrun, also a priori an duerno a posteriori, mat de Privatakteuren och diskutéiert ginn.

Ech si frou, wa mer haut eng legal Basis kréien,...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- ...an ech gesinn, dass d'CSV sech mat freet, duerfir sinn ech nach méi frou, Här President,...

(**Brouhaha général**)

...dass mer eng Base légale elo fir dat wichteg Organ kréie fir d'gutt Fonctionnement vum Stat. An erlaabt mer just nach eng Kéier, hinne Merci ze soen, well et ass eng Équipe, déi ganz engagéiert ass, net op d'Auer kuckt a gutt Aarbecht mécht.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Statsminister. Mir kommen dann zum Vott vum...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Parole après ministre, Här President!

► **Une voix.**- Ooh!

► **Une autre voix.**- Sou spéit!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat kann ech Iech net refuséieren.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President.

► **Une voix.**- Leider! Leider!

(**Brouhaha général**)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wollt wierklech elo net abuséieren, Här President, mä ech mengen,...

(**Brouhaha général**)

...et steet eng ganz wichteg Fro am Raum, déi ech dem Här Statsminister gestallt hunn, op déi mer keng Antwort kritt hunn. Dat ass déi no den Tanklagere a vum Approvisionnement vum Land a Produits pétroliers. Den Här Statsminister kann eis bestëmmt soen, wou mer elo do dru sinn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, ech wëll just soen, dass mer haut iwwert den Text iwwert den HCPN stëmmen. Ech weess net, wat de Lien ass mat den Tanklagere hei am Land.

► **Une voix.**- Très bien!

(**Interruptions**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, domat si mer um Enn vun der Diskussioun. A mer...

(**Interruptions**)

...ginn zur Ofstëmmung iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6475 et dispense du second vote constitutionnel

D'perséinlech Stëmmen, d'Procuratioun, an d'Ofstëmmung ass elo eriwuer. An ech stelle fest, dass d'Freed méi grouss war wéi bei anere Projeten, well mer Unanimitéit hunn.

(**Brouhaha général**)

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marcel Oberweis), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;



MM. Marc Baum et David Wagner.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

An ech wär dann och nach frou, wann ech d'Dispens vun lech kréich vum zweete Vott.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6850 betreffend d'Archive vum Service de renseignement. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger.

8. 6850 - Projet de loi portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** Merci, Här President. Ech wollt och schonn direkt am Virus soen, dass ech hoffen, och fir mäin nächste Rapport hei d'Unanimité ze kréien, dat wier och ganz flott.

Fir nach eng Kéier de Rapport hei an de Kontext ze setzen: Nodeems mer elo ganz rezent, dat war den 9. Juni, d'Reform vum SREL, dem Service de renseignement, hei am Haus gestëmmt hunn, setze mer dann haut de leschte parlamentareschen Akt vun deem, wat 2013 mat dem Asetze vun enger parlamentarescher Enquêtekommission ugefaangen hat.

Dee Projet de loi, iwwert dee mer haut befannen, setzt eng ganz wichteg Recommandation aus dem Öffschlossrapport vun der Commission d'enquête vun 2013 ëm, wou et a mengen Aen ëm ee vun deene sensibelste Punkten am Dossier geet, well hei dach am Mëttelpunkt eng ganz Rei, Honnerten, wann net Dausenden, vun ongescholtene Bierger am Viséier vum SREL stoungen an der Vergaangenheet.

(Interruption)

Et geet hei ëm d'Opschaffe vun engem vun deene systemateschsten Dysfonctionnementen vum dem Geheimdängscht, dee praktesch net nëmmen iwwer Joren, mä iwwer Jorzéngte Fichen ugeluecht huet mat zum Deel ganz perséinlechen Donnéeën vun de Bierger.

Iwwer Jore goufen hei Bierger am Land observéiert, spezifesch Daten iwwer se gesammelt, well se, dans le sens large, politesch aktiv waren. Dat ware Leit, déi zum Beispill enger Friddensbewegung ugehéiert hunn. Dat ware Biergerinnen a Bierger, déi eventuell an enger Naturschutzorganisatioun, ONG tätég waren. Dat ware Gewerkschaftler. Dat ware Leit, déi an enger bestëmmter politescher Partei e Mandat haten oder aktiv waren. Dat ware vläicht Leit, déi e kritesche Lieserbrëif am „Lëtzebuurger Wort“ geschriwwen haten an nach vill anerer méi.

An zu kengem Moment waren dat jo awer Bierger, déi iergendeng Gefor fir d'Sécherheet an d'Integritéit vum Land duergestallt hunn. Et gouf also keng Ursach, och keng legal Basis am Endeffekt, och mat deene fréiere Gesetzer beim SREL, fir esou Bierger ze bespëtzelen.

Ech mengen, et kann een hei näischt guttreden, näischt schérieden: Schlussendlech dat, wat gemaach ginn ass vum Geheimdängscht fréier, dat war, wat een nennt, politesch Bespëtzlung bis hin zu politescher Iwwerwachung.

An ech mengen, dass d'Öffentlechkeet iwwerhaapt d'Existenz vun deene sougenannten „SREL-Archiven“, wat awer éischter SREL-Fichiere sinn, gewuer gouf, dat war jo d'Resultat och vu pertinenter journalistescher Aarbecht am Kontext vun där sougenannter „SREL-Affär“, vun där mer wëssen, dass déi jo ugaangen ass mat där Revelatioun, dass de fréiere Premierminister mat enger Auer ofgehéiert gi war duerch de fréiere Geheimdängschtschef. An ech mengen, duerfir huet och schlussendlech sech d'Enquêtekommission mat där Problematik beschäftegt an duerfir och dann déi verschidde Recommandatiounen heizou formuléiert.

Ech mengen, déi éischt Recommandatioun vun der Enquêtekommission, déi hu mer jo ëmgesat respektiv eng Rei Recommandatiounen hu mer ëmgesat bei der SREL-Reform. A wat hei méi spezifesch déi Données personnelles ubelaangt, déi Datesammlung, do war eigentlech och eng Recommandatioun am Rapport, an dat war déi, dass se geséichert solle ginn, dass

se den Nationalarchive sollen uvertraut ginn, fir dass se virun allem net sollte verluer goen.

Bon, ech mengen, déi zweet Recommandatioun, déi dann zu dësem Kontext war, dass ass eben, dass d'Enquêtekommission gesot huet, et wier wichteg, et wier noutwendeg, dass déi gesammelt Fichen op alle Fall net sollten zerstéiert ginn, op alle Fall net an enger éischter Phas, fir dass een eigentlech kéint dann eng Klassifikatioun, en Inventar maachen a virun allem, dass ee se och kann historesch opschaffen, fir dass se fir historesch, administrativ Zwecker dann herno kënnen gebraucht ginn. An ebe fir dësse Recommandatioun nozekommen, ass da vun der Regierung relativ schnell och dësse Projet de loi geschriwwen ginn.

An ech mengen, vun Ufank un ass ee sech bei esou engem Gesetz bewosst, dass een hei sech op engem ganz schmuele Grat beweegt. Engem Grat tëschent den Uspréich vun der Protektioun vun de perséinlechen Donnéeën, dem perséinlechen Dateschutz op där enger Säit, an awer och dem Wonsch an, ech géif emol soen, der Noutwendegkeet vun der historescher Opschaffung vun esou enger ganzer Geschicht, vun esou engem ganzen Evenement.

An, wéi mer wëssen, hu mer jo en Dateschutzgesetz vun 2002, dass eigentlech seet: All perséinlech Donnéeë mussen eigentlech zerstéiert ginn, soubal se net méi gebraucht gi respektiv wa se och illegal erstallt gi sinn. An ech mengen, hei ass dat natierlech kloer de Fall. Dat si Fichen, déi zum gréissten Deel illegal an ouni d'Wësse vun de Leit erstallt gi sinn. An duerfir muss een elo op ee Wee goen, an dee si mer hei gaangen, dass een eigentlech e Projet de loi gemaach huet, wou een eng Derogatioun zu dem Dateschutzgesetz gemaach huet, fir eben da kënnen déi historesch Opschaffung ze maachen.

Mir hunn eis och do inspiréiert. Ech mengen, an Däitschland gëtt et d'Gauck-Behörde, dass ass jo wuel eng vun deene bekanntesten Institutiounen, wann et drëms geet, fir am Kontext vun historescher Opschaffung vu politescher Spionage Erfahrung ze hunn. A mir haten dann och als Kommission décidéiert, fir mam aktuellen Direkter vun der Gauck-Behörde, dem Här Roland Jahn, eng Kéier zesummenzekommen, fir da mat him de Projet ze beschwätze respektiv och seng Vuen anzehuelen, wéi mer kéinte virgoen.

An och de Roland Jahn huet suggeréiert, fir dass een also géif an déi Richtung goe vun enger Démarche d'exception, dass heescht, dass een op alle Fall awer, wann een esou eng Exception zum Dateschutz mécht, dass och soll an engem Gesetz kloermaachen, also op enger gesetzlecher Basis dass géif maachen.

Ech mengen, duerfir ass also och dësse Projet de loi, wou mer dass da festhalen, dass fir déi historesch Opschaffung eng Ausnam gemaach gëtt zu deenen allgemenggültige Regeln. An ech mengen, duerfir war et eis och wichteg, well de Rapport war eigentlech och scho säit praktesch deem Moment, wou mer deen anere Projet vun de Konklusiounen zur Enquêtekommission, d'SREL-Reform, gestëmmt haten, fäerdeg, mä mer haten en op Stand-by gesat, well mer wierklech dann och wollten den Avis vun der Commission nationale pour la protection des données hunn, ier mer géifen awer dann definitiv dem Rapport zoustëmmen. Mir kruten deen Avis och. An ech mengen, dass huet och keng gréisser Problemer da gemaach.

Wat sinn elo déi wichtegst Elementer vun dem Projet de loi?

Eng Haaptfro ass déi, wéi mer dann elo déi historesch Opschaffung organiséieren, wéi déi duerghefouert gëtt. An d'Regierung huet déi Optioun geholl, fir en Appel de candidatures, fir et emol esou ze formuléieren, ze maachen, fir d'Historiker ze lancéieren, wou dann eigentlech och jiddwer Historiker, deen interesséiert ass, sech ka mellen, ka postuléieren.

Et ass och esou, dass net den definitive Choix vun deenen Historiker, déi ausgewielt ginn, vun der Regierung gemaach gëtt, mä do ass e Comité, also e Comité de sélection et d'évaluation, deen agesat ginn ass, deen dann deen definitive Choix mécht, wou Leit designéiert gi vun der Regierung, mä awer och vun anere Gremien, a wou och - ech mengen, dass ass awer vläicht och wichteg ze erwänen hei an deem héijen Haus - zwee Deputéierten..., dass heescht, et ass net, dass mir zwee Leit, Experten, designéieren, mä et sinn zwee Deputéierten, déi och dann an dee Comité d'évaluation genannt ginn, fir eben d'Selektioun vun deenen Historiker ze maachen.

Et mussen minimum zwee Historiker sinn, also et soll net den Job vun engem eenzege ginn. Et kann awer och e Grupp vun Historiker sinn, déi e spezifesch Projet presentéieren, fir dass dann ze maachen.

An, bon, ech mengen, et ass dann och d'Aarbecht vun deenen Experten, vun deene Wëss-

senschaftler, fir do dann déi ganz Opaarbechtung ze maachen. Ech mengen, dass, wat d'Finalitéit ass, ass, se sollen erausfannen, dokumentéieren eben, a wat fir engem Mooss tëschent 1960 an 2001, awer och nach vläicht doriwwer eraus, eng gewëss Zort vu Spionage bedriwwen ginn ass, wéi mer se eben do kannt hunn.

Bei där Aarbecht ass am Gesetz och virgesinn, dass d'Historiker sech vun Experte vun den Nationalarchive kënnen ënnerstëtze loosson, well et hei jo och vill ëm Tri vu Fiché geet. An d'Experten, déi sëtzen do dann an den Nationalarchiven. Ech mengen, dass ass och eng Ouverture, déi mer gemaach hunn an déi och vum Statsrot suggeréiert gi war, well en Historiker ass net ëmmer onbedéngt gläichzesetze mat engem Spezialist vum Archivage.

Et ass och virgesinn, dass bei dësen Aarbechten e SREL-Beamten, -mataarbechter kann derbäi sinn. Hie kann op där enger Säit Hëllef och bréngen. An et kéint jo awer sinn, ech weess zwar net, ech hunn ni an déi Fichen eragesinn, dass do vläicht déi eng oder aner klassifizéiert Fiche wier, déi och eventuell op enger legaler Basis gemaach gi wier an déi och dann an där ganzer Prozedur offiziell richtig klassifizéiert wier, dass hien also och do dann eventuell Accès dorobber kéint hunn, well hie jo dann och déi Lizenz huet, fir dass ze maachen.

Ech mengen, wa Mataarbechter vum SREL do kënnen op d'Fichen Zougrëff hunn, déi klassifizéiert wieren, wann et där nach géife ginn, déi och legal klassifizéiert wieren, da muss dat awer och no dem Prinzip goe vun dem Gesetz vun 2002, dass se mussen genau soen, wéini se dass gemaach hunn, firwat se dass gemaach hunn an esou weider.

Ech mengen, dass ass deen ee Punkt, wéi also déi ganz historesch Opaarbechtung organiséiert gëtt, wien dass ka maachen, wien Abléck an d'Fichen huet.

An dann déi aner grouss Fro, an dass ass och, muss ee soen, an der Kommission an och doriwwer eraus kontrovers diskutéiert ginn, dass ass: Wat geschitt mat deene Fichen, mat deene Fiché mat den Données personnelles no der historescher Opaarbechtung?

Ech mengen, do sinn d'Meenunge ausernee gaangen. Dass ass gaange vun „alles halen“ bis eben „alles zerstéieren“. An dass ass och dat, wat ech virdru gesot hunn, dass mer hei eben an engem Kontext sinn, wou dass ëmmer esou tëschent deenen zwou Exigenzen natierlech hin an hier ka goen, vun der Protection des données a vun dem awer geschichtleche Wäert, deen déi ganz Fichen hunn.

Ech mengen, a mengen Aen huet de Projet de loi do den Équiliber fonnt tëschent deenen zwou Noutwendegkeeten. Wann déi Aarbecht ofgeschloss ass, gëtt en Öffschlossrapport gemaach. Dee gëtt dann och presentéiert. Et muss een och soen, dass do am Prinzip, wann do e Rapport erauskënnt och mat Beispiller oder wat weess ech, wéi herno déi Aarbecht ausgesäit, eigentlech d'Donnée-personnellé solle gestrach sinn oder net erkenntlech sinn.

Et kënnen awer, wann de Wonsch do ass vun deene Leit, déi concernéiert sinn, wann déi hiren Accord gi respektiv wa se net méi liewen, hir Nofaren, d'Kanner, oder mat deene se nach zum Schluss an engem Stot zesummegeliift hunn, déi d'Autorisatioun ginn, dass do och also awer Nimm nach lisibel oder visibel bleiwen an deem Öffschlossrapport.

Mä, bon, dass heescht, herno huet ee bei de Fichen eigentlech dräi grouss Kategorien. Zum engen huet een da Fichen, déi ee wäert halen, déi dann den Nationalarchiven och uvertraut ginn an déi wierklech beispillhaft sinn, fir och déi geschichtlech Opaarbechtung ze illustréieren. Dat gëtt och d'Méiglechkeet, fir dass eventuell an enger spéiderer Etapp ënner engem anere Bléckwénkel zukünfteg Historiker vläicht nach eng Kéier de Bléck drop werfen.

Da sinn och Fichen, déi eventuell klassifizéiert ware respektiv déi vläicht auslännesche Geheimdängschter gehéiert hunn an déi da kéinten dem Service de renseignement zrëckgefouert ginn, wou se awer géifen dann ënnert déi normal Prozedur falen.

Wéi gesot, ech hunn éischter eng Appréciation - et ass awer eng perséinlech -, dass net ganz vill där Fichen do dra sinn, déi eventuell do kéinten dem SREL restituéiert ginn oder wou nach iergendwéi eng Fiche dra wier, déi nach fir eng aktuell Missioun, Aktioun vum SREL relevant wier. Dass gleewen ech och kaum.

An dann all déi aner Donnéeën, also déi net fir en historeschen - wéi soll ech soen? -, fir d'Geschicht an den Nationalarchiven zrëckbehalen ginn, déi net bei de SREL ginn, déi ginn dann eben zerstéiert, fir dass mer eben och domat der Exigenz vum Gesetz vun 2002 dann och kënnen entsprechen.

Et ass och virgesinn, Dir wësst, dass en cours de route eng Rei Bierger sech gemellt haten, vun hirem Recht och Gebrauch gemaach hunn, fir ze froen, ob eng Fiche do wier iwwer si, an Abléck ze hunn. Déi Méiglechkeet besteet och nach weider, wann d'Historiker amgaange sinn, dass ze maachen, respektiv wann d'Historiker Fiché kucken, an et louch schonn eng Demande vir vu fréier vun de Leit, da kréie se dass dann och matgedeelt, fir dass se dass da kënnen consultéieren.

Ech mengen, dass wieren déi Haaptakzenter vun dësem Gesetz. An, Här President, ech mengen, mat dësem Projet de loi setze mer dann de leschten Deel vun de Recommandatiounen vun der Enquêtekommission am Kontext vun den Dysfonctionnementen vum Geheimdängscht ëm, déi 2013 relevéiert gi waren. An ech hoffen, dass mer domadder och definitiv kënnen en onrümlecht Kapitel aus der rezenten Geschichte vu Lëtzebuerg ofschléissen.

An ouni de Rapport vun den Historiker ofzawaarden, ass fir mech eng politesch Konklusioun haut awer och scho ganz kloer; dass ass da vläicht eppes, wou ech mer erlaben, iwwer meng Roll als Rapporteur erauszegoen. Ech mengen, wa mer eppes aus der rezenten Geschichte vum Geheimdängscht solle léieren, dann ass et dat: Politesch Spionage dierf et zu Lëtzebuerg ni méi ginn!

Ech géif dann och heimadder direkt den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Rapporteur. An éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. De Rapporteur huet beschriwwen, wat Inhalt war am Detail, an ass och e wéineg op d'Geschicht agaangen. Ech wëll an deene kuerze Wieder, déi ech hei wëll soen, e puer Froen an e puer Problemer prezis opwerfen, déi mer an der Diskussioun haten, wéi mer dass Gesetz hei virbereet hunn a wéi mer driwwer geschwat hunn.

Déi éischt Feststellung ass déi, an déi huet jiddweree gemaach, dass d'Existenz vun dësem Archiv a sengem Back-up net der legaler Situatioun vun haut entsprécht, net der aktueller Gesetzgebung, an notament dem Gesetz vum 2. August vun 2002 iwwert d'Protection des données personnelles no misst zerstéiert ginn, och misst elo schonn zerstéiert sinn, well d'Durée de conservation, wat d'Durée de conservation légitime vun dësen Donnéeën ka sinn, sécherlech dépasséiert ass, och wann et sech deelweis ëm Donnéeën handelt, déi ënner anerem awer och Donnéeën sinn, fir Clearancen ze ginn, a vun der ANS (veuillez lire: vun der Autorité nationale de sécurité) derbäi waren. Ech wëll dass awer derzou soen zu deem, wat de Rapporteur als Beschreibung gemaach huet.

D'Enquêtekommission 2013, wéi se déi Diskussioun gefouert huet, huet awer eppes anescht décidéiert. Si huet décidéiert, dass déi Archiven, esou wéi se wäeren, net géifen zerstéiert ginn, aus deem prezise Grond, well d'Kommission wollt, dass eng Conservatioun, eng Klassifikatioun an en Inventaire vun deenen Donnéeën géife gemaach ginn, fir dass ee se duerno zu historeschen an zu administrativen Zwecker kéint gebrauchen. Dass war déizäit an engem méi hëtzege Klima en Diskussioun, déi awer den Accord vu jiddwerengem fonnt huet an duerno och an deene leschte Méint da vun der Institutiounskommission a vun deene Leit, déi sech ëm dësen Dossier bekëmmert hunn, huet missen exekutéiert ginn.

A sécherlech huet sech d'Fro gestallt: Wéi exekutéiere mer dass? An déi éischt Fro, déi sech gestallt huet, och an der Frostellung, déi d'Regierung gemaach huet, dass war: A wat fir e Kader solle mer dass Ganz setzen? An d'Fro huet sech gestallt: Jo, brauche mer e Gesetz oder brauche mer keent? An d'Antwort op déi Fro war relativ fréi relativ kloer och: Mir brauchen e Gesetz, aus zwee Grënn. Deen éischte Grond ass, fir emol iwwerhaapt där Décisioun vun der Commission d'enquête eng legal Basis ze ginn.

En Archiv, wat par rapport zu der normaler Gesetzgebung, esou wéi se haut ass, am Fong net méi sollt existéieren, huet missen, fir dass et konnt weider existéieren, e Gesetz kréien, fir dass Wiederbestoen iwwerhaapt ze autoriséieren - éischstens.

An zweetens, natierlech och, wann een an esou Archive schafft wëllt goen, wann ee se wëllt historesch opaarbechten, well se awer e confidentielle Charakter evidenteweis hunn, kann et och net sinn, dass een d'Aart a Weis, wéi dru geschafft gëtt, d'Konditiounen, wéi vu wem an ënner wat fir enge Prinzipien déi Aarbecht gemaach gëtt, kéint einfach ministeriell décidéieren loosson.